PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Bildung weiderzeleeden.

Fir ze garantéieren, datt d'Kanner an d'Schoul kenne goen, egal wéi wäit hier Schoul vun hirem Doheem ewech ass, gëtt zu Lëtzebuerg vun ëffentlecher Säit aus e Mobilitéitsservice offréiert.

Am Reegelschoulberäich ass et esou, datt de Staat just fir Schoulen um lëtzebuergeschen Territoire e Busservice ubitt. Well awer eng gewëssen Unzuel u Kanner mat spezifesche Besoinen am Ausland beschoult gëtt, fueren e puer Busser och all Mueren iwwert d'Landesgrenzen eraus.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schoulen am Ausland gi vu Kanner mat besonnesche Besoinen, déi zu Lëtzebuerg ugemellt si, besicht? Em wéi vill Kanner handelt et sech hei?

2. Wat sinn d'Grënn dofir, datt dës Kanner Strukturen am Ausland besiche mussen? Feelt et an de lëtzebuergesche Strukturen u Schoulplaze fir des Kanner oder feelt et u passende Strukturen?

3. Wéi vill Allez-Retouren, déi iwwert d'Landesgrenzen eraus ginn, gi pro Woch vum Schoulbusservice gefuer? Wéi vill Kilometer erginn sech esou an absolutten Termen an am Terme vu Passagéierkilometer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député